D'Joer vum Liesen an de Schoule vun der Stad Lëtzebuerg

Am Kader vun der Campagne **“ Lies dech duerch d'Liewen ”**, déi vum Ministère de l'Education Nationale ugereegt ginn ass, gouf vum Comité de Cogestion proposéiert, dass d'Schoule vun der Stad Lëtzebuerg solle weisen, wéi an hire Klassen gelies gëtt. Dat brauch net onbedéngt spektakulär ze sinn, well grad beim Liesen sollte mer jo nohalteg schaffen. Et kann een hei also och déi ganz “normal” Aarbecht dokumentéieren. De Comité probéiert am Ufank vum nächste Schouljoer e grousse Sall (z.B. de Cercle) ze reservéieren, fir d'Resultater vun dësem Projet virzestellen. Eng Internetsäit, déi iwwert d'Haaptsäit *technolink.lu* erreecht gëtt, ass geplangt, déi all d'Initiativen zesummendréit a regelméisseg aktualiséiert.

A. Der Fantasie si keng Grenze gesat, hei sinn awer e puer allgemeng Iddien.

Dës Virschléi ginn u Kanner, Léierpersounen an Elteren, Grousselteren, Politiker an all Interesséiert. D'Kanner, d'Léierpersounen asw. reagéieren dorop a bedeelegen sech no eegenem Ermiessen. Op verschiddenen Niveauë ginn Initiativen lancéiert: klasseweis, no Gebai, no Quartier, stadwäit, um Internet...

Et gëtt a Klasse gelies, a Gebaier, zentral fir d'ganz Stad, mat Ukënnegung duerch all passend Medien.
Eege Produktiounen entstinn, eméi Liestexter, laang Geschichten, MiniBooken, Bastelaarbechten, Pousteren, kalligrafesch Texter.
Concourse ginn organiséiert, Präisser ugebueden, Fortsetzungsgeschichte gi vun de Kanner geschriwwen (Internet oder Wandergeschicht pro Gebai oder pro Grad oder pro Schouljoer).
Iwwerall soll zum Liesen ugereegt ginn: an de Klassesäll, un de Fënsteren no baussen, op de Gäng, iwwer Handziedelen an d'Bréifkëschten, am Internet.
Eng Internetsäit informéiert iwwert all Aktivitéiten duerch d'ganzt Joer.

B. An och nach e puer méi detailléiert Virschléi:

- All Kand däerf während enger gewësser Zäit (vum Enseignant ze definéieren, 1 Dag / e puer Deeg / eng Woch...) säi Lieblingsbuch matbréngen. An der Klass ginn dës Bicher ënnereneen ausgetosch, et gëtt während dem Unterrecht dra gebliedert, gelies, an d'Kanner kënnen hir Bicher kommentéieren. Dono stellt all Kand kuerz säi Lieblingsbuch virun der ganzer Klass vir: entweder et liest en Ausschnëtt vir oder et seet a kuerzen Zich, wat a sengem Buch geschitt. Viraussetzung ass natierlech, dass d'Kanner hiert Buch gutt kennen.
  Dono gëtt et 2 Méiglechkeeten:
- entweder tauschen d'Kanner ënnereneen hir Bicher, déi se dann och mat heem kréie fir ze liesen. Si sollen eppes zu deem Buch produzéieren (schreiwen, wat hinnen un deem Buch gutt/net gefall huet, eppes molen, e kuerze Résumé schreiwen....)
- oder d'Kanner wielen an der Klass dat Buch, wat si am léifste géinge liesen. Nees solle si eppes zu dësem Choix produzéieren: schreiwen, firwat si dat Buch interesséiert, eppes dozou molen.

Variant zur éischter Iddi fir d'Spillschoul an d'éischt Schouljoer.
Den Enseignant liest aus de Lieblingsbicher vun de Kanner vir. Zum Schluss wielen d'Kanner hiert Lieblingsbuch (hiert individuellt oder hiert Klasselieblingsbuch oder déi 3 déi hinnen am beschte gefall hunn...) an molen eppes zu deem Buch.

- Selwer eng Geschicht erfannen an e Buch schreiwen / en Hörspill ophuelen.
  Den Enseignant oder ee Kand fänkt un, eng Geschicht ze erfannen. A tour de rôle gëtt dës Geschicht vun engem anere Kand weidererzielt. Dat, wat erzielt gëtt, kann entweder opgeholl ginn oder néier geschriwwe ginn. Bei méi klenge Kanner kann den Enseignant d'Roll vum Opschreiwen iwwerhuelen. Et ass wichteg, dass all Kand eppes zu der Geschicht bäidréit. Et wär flott, wa schnell tëscht deenen eenzele Kanner gewiesselt géing ginn, da komme méi spontan Geschichten derbäi eraus.
  D'Kand muss bei der Geschicht ëmmer do usätzen, wou dat anert Kand opgehal huet. Dono kann d'Geschicht nach vun all de Kanner illustréiert ginn. Sou kann e Buch oder en Hörspill (CD) entstoen.

- D'Kanner stellen déi Bicher vir, déi hinne gefall hunn. Si schreiwe kuerz op, wourëm et geet, si stellen d'Haaptpersounen vir oder ginn eng kuerz Liesprouf. Dës Virstellungen kënnen an der Bibliothéik opgehaangen oder um Internet publizéiert ginn.

- D'Elteren/Grousselteren kommen an d'Schoul an erzielen aus hirem Lieblingsbuch aus hirer Kandheet. De Choix vun de Bicher muss natierlech dem Alter vun de Kanner ugepasst ginn. Dat Ganzt kann een am Kader vun engem klenge Fest maachen, wou d'(Grouss)Elteren vu Klass zu Klass ginn a virliesen. Während der Dauer vun deem Fest kënnen d'Kanner och hir Lieblingsbicher matbréngen. Et soll e klenge Bicheraustausch ginn.

- D'Kanner bréngen 2 bis 3 Bicher vun doheem mat an deelen dës Bicher Kategorien zou: Krimien, Déirebicher, Comics, Grujelbicher...
  Dono kënnen d'Kanner 1 Buch ausléinen, et doheem liesen an et der Klass virstellen. Déi Bicher, déi de Kanner gudd gefall hunn, kënne mat engem gëllene Bicherwuerm (oder enger anerer Auszeechnung) ausgezeechent ginn. Et kënnen ëmmer nees nei Bicher ausgeléint ginn. Dono kënnt eng Lëscht mat den Top 10 eraus.

- D'Ministesch, de Buergermeeschter, d'Inspekteren... liesen de Kanner aus der Stad Lëtzebuerg vir.

All dës Projete kënne mat Fotoen illustréiert ginn an och kleng Texter kënnen de Verlaf vun de Projete kuerz erklären. Dëst Material kann op den Technolink-Site gesat ginn, wou een sech iwwert all Projet um Lafende kann halen.
Dernieft kéint ee mat deem, wat d'Kanner produzéiert hunn (Texter, Kritiken, Biller, Top-Ten-Lëschten, Fotoen..... eng Ausstellung organiséieren, wou Famill, Enseignanten, Politiker, Inspekteren... häerzlech wëllkomm sinn.

C. Schoulbibliothéik am Préscolaire

Fir d'Bicher:

- Keefs du am beschte selwer esou vill gutt Geschichtebicher wéi's de Kanner an der Klass hues.

- Du sees, all Kand soll säi Lieblingsbuch matbréngen (Remarque: D'Kanner hunn déi selwecht Bicher, keng brauchbar oder guer keng Bicher.).
- Du gees mat de Kanner an d'Gemengebibliothéik a léins fir jiddereen e Buch (Rem: D'Bicher gi vun de Kanner abiméiert, an du hues eventuell e Problem mat der Léinzäit.).

Fir d'Organisatioun:

- Fir d'éischt gëss de den Elteren en Ziedel mat, wou's du hinnen de System vun der Schoulbibliothéik am Préscolaire erkläers; besonnesch hir Roll als Elteren.

- Da lees de dir eng Kartei un; entweder um Computer oder Kaarten mat all Kand sengem Numm an dem Datum, wéini et wat fir e Buch geléint huet.

- Duerno kréien d'Kanner een hinnen onbekannt Geschichtebuch mat heem (Onbedengt oppassen, datt d'Elteren d'Sprooch vum Text verstinn.). Dëst Buch kréien d'Kanner doheem vun den Elteren erzielt. Si hunn 8-10 Deeg Zäit, fir et erëmzebréngen. Aus Erfahrung weess een, datt déi eng Kanner d'Buch no 2 Deeg erëm bréngen, déi aner eréischt no 10. Sou ass Zäit genuch, fir datt d'Kanner der Léierin d'Buch am Fräispill erziele kënnen. (Natierlech net mat deenen anere Kanner, well et geet jo drëm, datt all Buch hinnen onbekannt ass.).

- No 10 Deeg kréien d'Kanner alleguer en anert Buch mat heem.

- No ongeféier 1 1/2 Trimester, wann d'Bicher all den Tour gemaach hunn, erzielt all Dag en anert Kand e Buch an der Schoul. D'Kanner sinn dobäi ganz begeeschtert; si wësse vill matzeschwätzen an hunn all ganz vill Freed. Duerno sinn d'Bicher an der Schoul am Bichereck a ginn nach weider vun de Kanner gekuckt an diskutéiert. Zu de Bicher, déi d'Kanner esou kennegeléiert hunn, hu si eng ganz besonnesch Relatioun.

- Wann d'Bicher mat 2 oder 3 anere Klassen aus dem Gebai ausgetosch ginn, kann ee ville Kanner e Schouljoer laang eng Bibliothéik ubidden, ouni vill Onkäschten ze hunn.

D. Lesen – Eine Auswahl von Iddien der Kinder eines 6. Schuljahres

1. Wettbewerb zwischen den Klassen im Geschichtenschreiben mit Buchpreis;
2. in den Schulen wird an festgelegten Tagen in den Klassen der verschiedenen Grade zu bestimmten Zeiten vorgelesen (Schild an der Tür);
3. Poster malen, Lesebuch aus Styropor aufhängen, (Reklamezeppelin über die Stadt fliegen lassen, Ballon über die Schule);
4. jede Klasse druckt und verkauft Schülergeschichtenzeitung (Format: MiniBook oder andere) in der Schule oder sogar im Viertel;
5. Flugblatt in den Briefkästen mit Reklame für alle Links, Adressen und Aktivitätenprogramm;
6. Poster DIN A4 in den Geschäften aufhängen;
7. Leseproben (aus Büchern und von den Kindern selbst geschrieben) anbieten, vor dem Klassensaal, in den Briefkästen, im Internet;
8. fortlaufende eingeschmolzene Geschichte hängt vor dem Klassensaal;
9. Slogan: Net vergiessen ze liesen!
10. Bilder (Ikonen, Logo) malen: wo kann man überall lesen?;
11. Reklame für unsere eigene Literatur verteilen, aufhängen, Klassenfenster dekorieren;
12. mit eigener Hand geschriebenen Text im Internet veröffentlichen (Wettbewerb für die schönste Schrift);
13. Aufsatzminibookinternetbibliothek für alle Klassen der Stadt nach Graden.

E. Links zum Thema Liesen an der Schoul

- Beispiel einer Grundschule
www.grundschule-bad-sassendorf.de

- Leseprojekt
www.people.freenet.de

- Lesefreude, Lesetag
www.fcaf.net

- Journée de l'alphabétisation familiale
www.leselust-rlp.de

- Tage des Lesens
www.lehrerfortbildung-bw.de

- Kommunizieren, E-Mail Projekte
www.brigitte.de

- Deutschland liest vor
www.brueckenbauer.ch

- Familie N° 44, 28.10.03
www.forum-bildung.de

- Vorlesekampagne
www.landesbuechereistelle.de

- Leselust
www.wdr.de

- Leselust statt Lesefrust
www.homepages.compuserve.de/FSchillerSchule/html/be_2003 talente.htm

Hei asss d'Suchsäit vu Google fir den Thema „Leseprojekte“:
http://www.google.com/search?q=leseprojekte&hl=en&lr=lang_de&ie=UTF-8&output=language_tools&start=10&sa=N

Hei de Link vun der Pestalozzischoul mat villen Iddien:
http://www.pestalozzischulegladbeck.de/JahrdesLesens/JahrdesLesens.html

Dat Selwecht vun der Martinusschoul :
http://www.martinusschule-kaster.de/leseprojekte.htm

Dat Selwecht iwwert de Projet « Leselust » a Rheinland-Pfalz :
http://www.leselust-rlp.de/htm/TDL2003/tdl_2003_wer_macht_mit.htm

An eng Home-Page als Modell fir d'Liesjoer zu Lëtzebuerg :
http://home.kamp.net/home/hans-juergen.fuhrmann/weltraum/weltraum.html

F : Hei ass elo de Méiglechkeete keng Grenz gesat fir jiddfereen, deen sech bedeelege wëll ...